



An duerfir géif ech dann och am Numm vun eiser Fraktioun eisen Accord zu dësem Projet de loi hei ginn an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Anzia. Nächste Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Merci, Madamm Presidentin. Dir erlaabt mer, datt ech vläicht, an de Limite vun der Riedezäit, e bësse méi ausféierlech versichen, op dee Gesetzesprojet anzegoen, mat deem mer et hei ze dinn hunn.

Wéi am Dezember 2014 dat neit Gesetz iwwert de Statut vum Artist an dee vum Intermittent du spectacle gestëmmt gouf, hu mir als Lénk eis dozou enthalen, mat der Begrënnung, datt - och wann et Fortschrëttler gi sinn, déi indéniable sinn, zu deem Gesetz, wat initial virlouch - et awer esou ass, datt a wesentleche Punkten dat Gesetz net wierklech der sozialer Realitéit an de Besoine vun den Artisten an den Intermittenten entsprécht.

An déi Fro misst ee sech eigentlech bei engem Gesetz oder bei der Gesetzesännerung, well dorëmmer handelt et sech jo eigentlech, och stellen: Ass et e Fortschrëtt par rapport zur besteeënder Situatioun, oder net?

Ausléiser vun där Gesetzesännerung, mat där mer et ze dinn hunn, ass net eng objektiv Evaluatioun, déi mer 2014 bei der Debatte hei an der Chamber vun der deemoleger Ministesch Maggy Nagel versprach kruten, mä Ausléiser vun där Gesetzesännerung ass en Uerteel vum Europäesche Gerichtshaff. Deen Arrêt beseet nämlech, datt déi lëtzebuergesch Legislatioun vun den Intermittenten net dee soziale Schutz bitt, zu deem mer eis an der EU verflücht hunn. Effektiv ass et esou, datt d'Direktiv vun 1999 virgesäit, datt de Gebrauch vun Zäitverträge, CDDen, soll begrenzt sinn, entweder zäitlech oder an hirer Heefegkeet, respektiv datt et objektiv Grënn musse ginn, déi de begrenzte Charakter vun deem Aarbechtsvertrag ënnermaueren.

Mat der Gesetzesännerung hei geschéien elo zwou Saache fir d'Intermittenten: Éischtens, d'Definitioun vun den Intermittentë gëtt dohigend geännert, datt d'zäitlech Begrenzung vun der Aktivitéit vum Intermittent an d'Gesetz nach eng Kéier méi kloer drakënnt. A parallel dozou gëtt kloer verankert, datt et méiglech ass, eng sekundär Aarbecht kënnen unzuhuelen. An zweetens, dat ass déi zweet nei Ännerung, gëtt den CDD op 24 Méint begrenzt.

Ass dat elo e Fortschrëtt? Zum éischte Punkt, der Definitioun vum Intermittent: Do ännert sech eigentlech an der Praxis näischt, well et elo scho méiglech war, eng Nieweschäftegung ze hunn. Et gëtt just méi kloer am Gesetz nach eng Kéier beschriwwen.

Fir Diskussiounen an der parlamentarescher Kommissioun huet awer effektiv de Commentaire des articles gesuergt, deen a senger Ursprüngelecher Fassung virgesinn hat, datt en Intermittent sech keen Dag urrechne loosse kéint, während deem en och nëmmen eng Stonn en aneren Job gemaach hätt. Wuelverstanen net fir indémniséiert ze ginn, mä fir op déi 80 Aarbechtsdeeg ze kommen, déi e brauch, fir sech iwwerhaapt kënnen Intermittent ze nennen.

Dat wär, an där ursprüngelecher Fassung, e Réckschrëtt zur aktueller Handhabung gewiescht, well eng sëllege Leit, déi scho säit Joren als Intermittent unerkannt sinn, riskéiert hätten, do-duerjer hire Statut ze verléieren an domadder och d'Aussicht op déi sozial Mesuren, déi am Gesetz virgesi sinn.

Op eis Initiativ an no ganz gudden inhaltlechen Diskussiounen an der Kultur- an der Aarbechtskommissioun ware sech d'Membere vu béide Kommissiounen awer unanime eens, datt dat net de Sënn vun där Ännerung soll sinn.

Och de Kulturministère huet an der Kommissioun d'Formuléierung selwer als onglécklech bezeecht an assuréiert, datt et net d'Intentioun war, fir d'Konditiounen weider ze verschäerfen. Duerfir ass am parlamentaresche Commentaire consultative, déi mam Gesetz vun 2014 agefouert gouf, eng Interpretatiounsmarge huet, fir ebe feststellen, ob et eng kënschtlersch Aktivitéit ass, déi priméiert, esou wéi dat eigentlech och soll sinn.

Dës Kloststellung ass wichteg, well vill Intermittenten drop ugewise sinn, nieft hirer professioneller kënschtlersch Aktivitéit nach niewelaanscht ze jobben, fir iwwert d'Ronnen ze kommen.

Mir sollten eis bewusst sinn, datt Intermittent du spectacle net nëmmen e Beruff ass, deen eng extrem Flexibilitéit virussetzt, mä ganz dacks och e präkären ass, souwuel wat d'Rémunéiratioun ugeet, mä och wat d'Zukunftssécherheet, d'Planungssécherheet vun deene Leit ugeet. Vill Leit decidéieren duerfir, no Joren Erfahrung mat niddrege Léin an Insécuritéiten, wat d'Planung ugeet, en Niewenjob unzuhuelen. Vill Intermittenten gi stonneweis Coursen a Conservatoires, Musekschoulen, anerer ginn niewelaanscht an d'Gastronomie jobben, fir datt et um Enn vum Mount duergeet. Wuelverstanen och alles Leit - an ëmmer méi Leit - mat enger ofgeschlossener akademescher Ausbildung!

Et kéint een also dës kleng Episod einfach ad acta leeën, wann do hannendrun net awer fir vill Leit de batteren Nogeschmaach léich vun enger generaliséierter Méfiance vis-à-vis vun Intermittenten. Eppes, wat - den Här Wilmes huet et ugeschwat - eigentlech zënter dem Ufank vun den Diskussiounen ronderëm d'Afféierung vum Kënschtlersstatut an deem vum Intermittent déi Diskussiounen begleet huet.

Well d'Zuele weisen eigentlech de Géigendeel! D'Zuel vun de Bénéficiaire vun deene soziale Mesuren ass net explodéiert, wéi dat ëmmer erëm gefaart gouf, mä entsprécht héchstens a bescheidenem Mooss der Entwécklung an der Entfaltung vun de kulturellen Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg.

Am Joer 2015, esou steet et am Rapport vum Ministère, waren et insgesamt 230 Leit, déi - cumuléiert, also Artisten an Intermittenten - Bénéficiaire ware vun deenen Hëllef. Dogéint steet déi Zuel, déi d'Rapporteur, d'Madamm Bofferding, gesot huet vun 13.000 Leit, déi kënschtlersch aktiv sinn, eng Zuel, déi ech spontan e bëssen héich gegräff fannen. Mä op jidde Fall gesäit een dorunner, datt een an dësem Fall op jidde Fall net vun Abuse ka schwätzen, wann ee weess, datt et 230 Leit sinn, déi kënnen an de Genoss vun Hëllef, sozialen Hëllef kommen. An och, wann een dann d'Montantë kuckt, gesäit een, datt sech dat alles an engem ganz iwwerschaubare Beräich usidelt a sécherlech keen dovunner räich gëtt.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Den zweite Punkt vun der Gesetzesännerung, also d'Begrenzung vum CDD op 24 Méint, do ännert sech alt och erëm eng Kéier fir déi allermeeschten Intermittentë bal näischt, well déi mannsten iwwerhaapt en CDD hunn! A vun deenen, déi een hunn, ass kaum een, deem säi méi laang wéi 24 Méint geet, oder bis elo gaangen ass.

Déi allermeeschten Intermittentë schaffen nämlech op Basis vun engem Contrat d'entreprise oder engem Contrat de prestation de services, déi meeschtens relativ schwammeg formuléiert sinn an an deenen et kaum oder just minimal Standarde gëtt, zum Beispill wat d'Rémunéiratioun oder d'Aarbechtszäit ugeet. Dat kënnt net vun näischt, well en Intermittent an der Regel eben net ënnert déi allgemeng Schutzbestëmmungen vum Aarbechtsrecht fält, wéi dat bei Salariéen, also den CDDen de Fall ass.

Also, nieft enger maximaler Flexibilitéit, wat d'Horairen, d'Cacheten ugeet, huet de Patron, hunn d'Entreprises - well eigentlech handelt et sech och bei Intermittenten ëm Patronen, déi se astellen - en anere gewaltege Virdeel: Si mussen nämlech keng Sozialofgabe bezuelen, doduerch datt d'Intermittentë Selbststänneger sinn. D'Cotisations ginn ausschliesslech vun den Intermittenten iwwerholl, also och d'Part-patronalen.

An Dir kënnt lech jo sécher virstellen, datt ënner esou Bedéngungen déi allermannste Patronen, Entreprises a Kulturinstitutionen op normal Aarbechtsverträge, CDI oder och CDD, zrëckgräfen. Well fir si ass et méi interessant, Leit ënner Prestation-de-services-Kontrakter anzustellen. An dat ass och de Fall, dorun ännert och dëst Gesetz näischt, leider näischt!

Anescht gesot: Jo, dëst Gesetz wäert den abusive Recours op CDDen bei Intermittentë begrenzen, mä et hëlleft awer och net allze vill, well déi allermannsten Intermittenten iwwerhaapt en CDD hunn. Eng wierklech aarbechtsrechtlech Reform misst de Statut vum Intermittent vill méi no bei dee vum Salarié réckelen, mat deene Schutzbestëmmungen an och mat Rechter, déi domadder verbonne sinn. Dat géif och der Realitéit um Terrain wesentlech méi entsprechen, well oft ass den Intermittent an enger Situatioun vun enger Schäinselbststännegkeet.

Dëst huet och, zu Recht, menge mer, d'Salariatskummer kritiséiert, souwuel am Avis vun 2014 iwwert d'Gesetz, wéi och elo nach eng Kéier iwwert dee Projet, déi Gesetzesännerung, mat där mer et hei ze dinn hunn.

En Ufank vun esou engem Rapprochement vum Intermittentstatut un dee vum Salarié wier, datt d'Entreprises, d'Kulturbetribler d'Patronatscotisations vun der Sécurité sociale bezuelen, wat dem eigentlechen Aarbechtsrecht vill méi no wier, wéi och minimal Norme wat d'Aarbechtszäit, d'Nuetsaarbecht an de Minimallooun ugeet.

Am Géigenzuch gëtt et vun deene Patronatsorganisationen natierlech d'Fuerderung - an déi een och ënnerstëtzt kéint - vun enger Reduzéierung vun der TVA op 3%, wat de Kulturhaier an -institutionen, Entreprises entgéint géif kommen.

Här President, mir stëmmen dës Kéier dës Gesetzesännerung mat, och wa mer wëssen, datt et

just e ganz minimalen a beschränkte Fortschrëtt ass. Mä mir stëmmen se och mat, well mer mengen, datt d'Chamber an déi zwou Kommissiounen, d'Kulturkommissioun an d'Aarbechtskommissioun, hir Aarbecht gemaach hunn an datt mer e Feeler, deen an enger ursprüngelecher Fassung dra war, e Mëssverständnis, wéi een et och ëmmer nenne wëllt, datt d'Chamberskommissiounen et fäerdegbruecht hunn, dat ze änneren an domadder et op jidde Fall kee Réckschrëtt ass. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Här Baum. An d'Wuert huet direkt den Här Statssekretär fir d'Affaires culturelles, den Här...

(Interruption)

Ah, den Här Aarbechtsminister, jo, kee Problem!

Prises de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - Villmools Merci emol fir d'Éischt der Madamm Rapporteur fir hire Rapport an och alle Riedner, déi jo e ganz konstruktive Bäitrag geleescht hunn. Ech mengen, Dir hutt rappéléiert, datt d'Orinn e Recours en manquement vun der Kommissioun ass. An ech brauch net op dat zrëckzekommen, wat den Här Wilmes scho gesot huet, wou e mech zitéiert huet.

Mir hu probéiert, hei emol fir d'Éischt mat dem Secteur selwer, zesumme mat dem Ministère de la Culture, Léisungen ze fannen an engem komplexen Dossier effektiv, wéi dat och elo vum Här Baum beschriwwen ginn ass. Ech mengen, do war en enken Dialog och mat de Kulturschaffende selwer. Mir sinn ons alleguer bewusst, datt et keng räich, innovativ, kreativ Kulturzeen gëtt ouni Intermittents du spectacle. Dat ass en absolute Must an enger Kulturzeen!

An dat Zweet ass, mir wëssen alleguerten, datt dat e ganz speziellen Job ass, dee vun engem Projet op deen anere geet, an duerfir ass natierlech déi Bedroung vun enger Prekaritéit ëmmer ganz präsent. Ech mengen trotz allem duerfir, datt initialement d'Iddi war, e Salaristatut ze kreéieren iwwer en CDD, wou d'Leit Sozialrechter hunn, wou Cotisations bezuelt ginn, wou och herno Rechter am Chômage opginn. Well d'Alternativ, Dir hutt et gesot, ass déi vum Selbststännegen. An de Selbststännegen huet eng manner grouss Protektioun, besonnesch muss e fir sech selwer opkommen, wat déi sozial Cotisations ubelaangt. A besonnesch huet en e Problem dann, wann e kee Kontrakt huet, well da fält en zum Deel an e Vide.

Hei ass also ons Iddi, fir eben den CDD als eng gewësse Garantie duerstellen. Bon, datt d'Kommissioun dat net esou gesinn huet, dat iwwerloossen ech lech selwer, fir dat ze jugéieren.

Mir hunn elo eng Léisung fonnt, déi eigentlech jo kompatibel ass mat deem Uerteel, dat mer müssen ëmsetzen - do hu mer kee Choix, mir müssen dat Uerteel respektéieren -, an dat ass eben, den CDD ze halen, als Alternativ, soen ech nach eemol, zur Selbststännegkeet, déi oft eng Schäinselbststännegkeet ass. Awer mir soen, datt bannent deem CDD vu 24 Méint een zwar kann eng Rei Erneuerung bréngen, mä datt no 24 Méint mat deem Kontrakt dann definitiv Schluss ass an een net ëmmer erëm nei CDDen kann opbauen; dat, wat d'Kommissioun ons jo gefrot huet.

Mä ech wëll, wat de Statut selwer ugeet - ech mengen, dat ass eng essenziell Fro -, duerfir mengem Kolleeg aus der Regierung d'Méiglechkeet ginn, och do ze soen, wat mer do geännert hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Här Aarbechtsminister. Da maache mer dat esou, wéi hien dat proposéiert. Dann huet den Här Statssekretär an der Kultur d'Wuert.

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d'État à la Culture.* - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt op alle Fall direkt der Rapporteuse e grouse Merci ausdrécken. Hire Rapport war extrem komplett, et hätt ee bal näischt méi derbäizefügen, och alles, wat d'Intervenante gesot hunn, an och, wat de Kolleeg aus der Regierung, den Nicolas Schmit, gesot huet.

Jo, et ass eben esou, mir hunn eis misse konforméieren zu deem Uerteel vun dem Europäesche Gerichtshaff. Mir hunn also d'Definitioun vun dem Intermittent du spectacle wierklech méi prezis gemaach, andeems mer soen, dass een haapt-sächlech temporaire an individuelle Projeten, an zäitlech begrenzte Projekte kann, wéi gesot, Aktivitéiten hunn.

Wat natierlech och wichteg ass, dat ass, dass mer och mat aféieren, dass eng Annex, eng accessoire Aktivitéit ka stattfanne säitens vun dem Intermittent du spectacle. Natierlech däreif déi accessoire Aktivitéit net méi grouss a méi laang si wéi déi eigentlech artistesch Aktivitéit. Dat ass dat Eenzegt, wou ee muss, wéi gesot, drop oppassen.

Wat fir mech och wichteg ass, dat ass, dass mer de ganze Secteur consultéiert hunn a mam Secteur zesummen dee Gesetzesprojet ausgeschafft hunn.

Ech géif mengen, et wär schonn eng Verbesserung fir d'Intermittents du spectacle. Den Här Baum huet suggeréiert, dass een dat nach eng Kéier kéint aneschtens ugoen. Ech huelen dat op alle Fall mat. Mir wäerten dat och analyséieren. Mä ech mengen, fir de Moment géife mer den Intermittents du spectacle hei eng gewësse Stabilitéit ginn. A mir brauche se, dofir ass et och wichteg, datt se am Aarbechtsrecht och propper dostinn. An ech wier wierklech frou, wann d'Chamber kéint dee Projet hei unhuelen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Statssekretär. An da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6979 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6979 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60 Jo-Stëmmen, domat ass de Projet de loi unanime ugehall.

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d'État à la Culture.* - Dat ass jo schéin.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Mergen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6993, eng Konventioun iwwert den archeologesche Patrimoine. An d'Wuert huet direkt den honorabele Rapporteur, den Här Bauler.

10. 6993 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette

Rapport de la Commission de la Culture

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur.* - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eise Lëtzeburger Buedem ass räich un archeologesche Fëllementer, Iwwerreschter a Schätz. Dat geet vu Mënz, Spéngelen a Poterien iwwer Skeletter bis hin zu Fresken a gutt erhalene Grondmaueren. Si sinn Zeien aus enger Zäit, déi wäit vun eis ewech läit, Zeien aus der fräier Neizäit, aus dem Mëttelalter a virun allem aus der Period vun de Franken, de Merowinger, de Réimer a souguer, fir nach méi déif an d'Geschicht erfrozegeen, de Kelten.

Nach viru Kuerzem goufen zu Housen 15 Griewer aus der Réimerzäit entdeckt, dem éischten an zweete Jorhonnert no Christus, dëst op enger Plaz, wou keen et eigentlech direkt geduecht hat.

Vestigen aus der Antiquitéit, dem Mëttelalter an der Neizäit sinn deemno ëmmer nees fir eng Iwwerraschung gutt. Denke mer un d'Kierchen um Knuedeler an un d'Kapell um Glacis, un d'Villaen vun lechternach, Bartreng, Dikrech oder Viichten mat hire bekannte Mosaicken oder un de réimeschen a spéider fränkische Site zu Kierchen, also Basbellain - op Laténgesch: Belsonancum -, an der landschaftlech schéiner an ofwies-



lungsräicher Gemeng Ëlwen, wou op réimesche Fëllementer...

(Brouhaha général)

...e merowingesche Stützpunkt am sechste Jorhonnert entstanden ass, op deem sech de Kinnek Childebert II., en direkten Nokomme vum legendäre Chlodwig, mat senger Mamm Brunichild, iwwregens déi éischt Kinnigin vu Frankräich, Ufank Oktober 585 sollen opgehalen hunn an do zu Gericht souzen, wéi aus der Chronik vum Gregor vun Tours ervirgeet. De Site ronderëm de Kierchener Kierfent an d'Kierch aus dem 19. Jorhonnert berouen op dëse Fëllementer aus fréichreschtlecher a merowingescher Zäit.

D'Villa zu Schieren ass elo a rezenter Zäit d'Resultat vu bedeitenden Ausgruewungen hei am Land, sinn dach zu Schieren souwuel d'Villa u sech, déi sougenannt „pars urbana“, wéi och déi landwirtschaftlech Partie, „pars rustica“, erhalen. Och ass d'Schierener Villa besser erhalen wéi déi vun lechternach an huet grouss Fresken opzeweisen. Alleng um Territoire vun der Géigend ronderëm Dikrech wieren nach eppes méi wéi 100 archeologesch Sitte vum staatlechen Archeologiezentrum repertoriéiert ginn.

Här President, mat dem virleiende Gesetzesprojekt gëtt déi europäesch Konvention iwwert de Schutz vum archeologesche Patrimoine guttgeheescht, déi zanter dem 16. Januar 1992 zu La Valette läit, fir ënnerschrivven ze ginn. Si gouf och op deem Dag vu Lëtzebuerg ënnerschrivven, mä si ass bis haut net ratifizéiert ginn.

Déi aktuell Gesetzgebung gesäit bestëmmten Dispositionen, déi de Schutz vum archeologesche Patrimoine uginn, vir, virun allem d'Verpflichtung, fir ze informéieren, wann eng archeologesch Entdeckung gemaach gëtt, wéi awer och d'Méiglechkeet vun der juristescher Protektioun iwwert de Wee vun enger Klasséierung.

Si gesäit och e System vun Autorisatiounen vir, wann et ëm Ausgruewungen an ëm d'Exportatioun vun Objete geet. Dëse Kader ass awer ongenügend, well en net déi international an europäesch Standarde berücksichtegt.

D'Konvention vu La Valette dréit der Entwécklung vun de landesplanerische Politicken an den europäesche Länner Rechnung, fir soumat e passende Schutz vum archeologesche Patrimoine ze garantéieren. Dësen ass e wesentlecht Element, wann et ëm d'Wëssen iwwer vergaangen Zivilisatiounen geet.

Déi wichteg Ajoutte vun der Konvention si folgend:

1. D'Konvention féiert eng Definitiou an eis Gesetzgebung an, wat ee genee ënner archeologeschem Patrimoine ze verstoen huet. Och aner Notiounen ginn agefouert, wéi zum Beispill d'Verwaltung vum Inventar vum archeologesche Patrimoine, d'Noutwendegkeet vun enger prealabeller Geneemegung, déi ee muss hunn, fir Metall-detekteren anzusetzen. Och gëtt de Prinzip vun der finanzieller Ënnerstëtzung duerch d'ëffentlech Hand am Kontext vun der archeologescher Fuerschung verankert.

2. D'Konzept vun der integréierter Konservéierung steet am Artikel 5 vun der Konvention an dierft wuel dee Prinzip sinn, deem am innovativsten ass. Et geet drëm, déi respektiv Bedürfnisser vun der Archeologie an déi vun der Landesplanung mateneen an Aklang ze bréngen, dëst andeem drop opgepasst gëtt, datt d'Archeologe sech un de Landesplanungspolitike bedeelegen, soudatt et och zu enger systematescher Konsultéierung tëscht Archeologen, Urbanisten an ebe Landesplaner kënn. Nëmmen esou kann een Ännerunge vun de Pläng virhuelen, déi den archeologesche Patrimoine kéinte beschiedegen.

3. Fir d'Studien an d'Verbreedung vum Wëssen iwwer archeologesch Entdeckungen ze vereinfachen, huet d'Konvention eng Rei Dispositionen, déi d'Verbreedung vun der Informatioun an d'Sensibiliséierung vum grand Public, vun der Ëffentlechkeet, uginn. Lëtzebuerg engagéiert sech, fir Enquëten, Inventairen an d'Kartografie vun den archeologesche Sitten ze verwierklechen an ze aktualiséieren, an awer och den Zougang vum grousses Public zum archeologesche Patrimoine vum Land ze féieren.

Doriwwer eraus gesäit d'Konvention Regele vir, déi der illegaler Zirkulatioun vun Elementer aus dem archeologesche Patrimoine virbeugen. Dëst ënner anerem duerch den Austausch vun Informatiounen iwwer illegal Ausgruewungen, en Austausch, dee sech tëscht de kompetente Verwaltungen an de wëssenschaftlechen Institutiounen maache soll.

Här President, andeem Lëtzebuerg dës Konvention ratifizéiert, erkennt eist Parlament un, datt den archeologesche Patrimoine vun Europa, dee jo e wichtegen Zeie vun eiser Kulturgeschichte, jo, eiser Zivilisatioun ass, bedrot ass an datt e ris-

kiéiert, sech ze degradéieren. Eist Land engagéiert sech soumat, fir all Moossnamen an d'Wee ze leeden, déi derzou bäidroen, eisen archeologesche Patrimonium ze schützen.

D'Konvention vu Valletta dréit derzou bäi, datt och déi nächst Generatiounen d'Vergaangenheet besser verstinn, datt d'Bierger fir eisen archeologesche Patrimoine sensibiliséiert ginn an dësen net d'Affer vu rengem Profitdenken an illegalem Handel gëtt.

Ech soen dem Statssekretär an alle Kolleegen aus der Kommissioun Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech vernäipe mech virun de Leeschtungen an dem Engagement vun de Spezialiste vum Centre national de recherche archéologique ronderëm den Här Foni Le Brun a ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a fir Är Opmierksamkeet zu dësem dach, denken ech, awer ganz wichtegen Dossier am Kulturberäich. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Bauler. An d'Wuert huet elo d'Madamm Martine Mergen.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Sinn ech awer agedroen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo. Hei schéngt en Iertum geschitt ze sinn. Hei steet „Martine Hansen“.

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Ah, nee!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mä Dir sidd awer ganz kloer d'Martine Mergen.

(Hilarité)

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Jo. Villmools Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun onser Fraktioun wéilt ech fir d'Éischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir säin ausföierleche schrëftlechen a mündleche Rapport. Dat entbennt mech dovunner, am Detail op den Text vum Gesetz anzugeen. En huet och schonn all déi vill schéi Beispiller bruecht, déi ech mer dann elo ka spueren.

Erlaabt mer awer, a mengem éischten Deel op d'Suite vum Gesetz anzugeen an an engem zweeten Deel d'Gesetz an en allgemenge Kontext vum Schutz vun den Zeien aus der Vergaangenheet hei am Land ze setzen. Déi eng vun dësen Zeie gesi mer all Dag. An deem Zesummenhang hu mer virun enger Rei Méint d'Konvention vu Granada ratifizéiert. Dat Gesetz ass zoustänneg fir den Denkmalschutz iwwert dem Buedem. Elo behandelet mer d'Archeologie, also den Denkmalschutz ënnert dem Buedem. Dës Vestigé gesi mer also net, a fir se ze fannen, mussen mer se sichen.

D'Konvention vu Valletta war vu Lëtzebuerg als ee vun deenen éischte Signataire 1992 ënnerschrivven ginn an no véier Ratifikatiounen ass se 1995 a Kraaft getrueden. Elo ass et un ons, fir se och ze ratifizéieren.

Onst Land verfüügt, situéiert am Mëttelpunkt vun Europa, iwwer eng Onmass Zeien aus verschiddenen Epochen, iwwer Vestigen aus deene verschiddensten historesche Perioden. Verschiddener hu mer scho fonnt. Et gëtt der sécher awer nach ganz vill; et gëtt geschat, dass bis elo 20% vun deene Vestigé bekannt sinn.

Dat hu mer ëmmer erëm missen an der Vergaangenheet feststellen, wann ee bei Bauprojekten iwwerraschend op eppes gestouss ass, wat et derwäert geschéngt huet, ënnersicht, repertoriéiert an inventariéiert ze ginn. Dat ass op d'mannst an deene Fäll gewiescht, wou e Bauhär sech fir esou Saachen interesséiert huet, a souwiso bei ëffentleche Projekten. Dat huet awer och oft derzou gefouert, dass wichteg Projekte fir onst Land retardéiert goufen.

Mir nennen dat dann elo „archéologie de sauvetage“. An ech wëll net op d'Fro agoen, wann een de Landschaftsverbrauch an de leschte Jore kuckt, ob mer net och eng Rei Saache mat ëmgebagert hunn, ouni et ze wëssen.

Mir mussen feststellen, dass onsen Outillage juridique am Moment nach net duergeet; dat huet de Rapporteur scho gesot. Et gëtt eng Obligation d'information, d'Méiglechkeet, fir Objeten ze klasséieren, an et gëtt eng Prozedur, fir Fouillen unzefroen an Immobilier (veuillez lire: an Objets mobiliers) ze exportéieren. Dat ass awer net komplett, sou wéi de Rapporteur et schonn duergeluecht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass elo eriwuer! Vu muer u gëtt an onsem Land Archéologie préventive gemaach. Nei ass an dësem Projet, dass mer emol eng Definitiou kréien. Et geet net nëmmen ëm d'Objete selwer, mä och ëm Zeien, déi op déi eng oder aner Manéier eng Ausso amstand sinn ze maachen iwwer ons Vergaangenheet. Dat kënnen dann och den Entourage an de Kontext sinn, an deenen dës Objete fonnt ginn.

Dësem Gesetz no si mer obligéiert, en Inventaire vun onsem Patrimoine ze maachen, an zwar um ganzen Territoire, wou mer bis elo nëmmen een hunn, wou dat agedroen ass, wat méi oder wéin negier zoufälleg fonnt ginn ass.

Mir entdecken och hei de Begrëff vun der „integréierter Konservatioun“ vum archeologesche Patrimoine. An elo gëtt et da richtig spannend:

- Mir engagéieren ons éischstens, d'Besoinen vun der Archeologie mat deene vun der territorialer Planifikatioun ze conciliéieren; domadder gëtt d'Archeologie quasi op een Niveau gesat mam Ëmweltschutz.

- Mir engagéieren ons och fir e systemateschen Dialog tëscht Archeologen a Landschaftsplaner, dass eventuell widderstécklech Pläng kënnen am Interessi vum Patrimoine ugepasst ginn,

- an dréttens, dass schlussendlech, wa machbar, eng Erhaltung op der Fondplaz selwer garantéiert gëtt.

Och wann een am Exposé des motifs verschidde Beispiller fir eng Approche vu preventiver Archeologie fënnt, déi elo scho plazeweis applizéiert gëtt - de Rapporteur huet schonn déi Chantieren, déi de Moment hei an der Stad lafen, genannt -, bedeit dat Gesetz hei, dass an onsem Land an Zukunft näischt méi gebaut gëtt, wann net virdrun diagnostesch Sondagë gemaach gi sinn.

Dës Sondagë sollen op eng technesch Manéier, sou steet et am Commentaire des articles, ongeféier 10% vun engem ze bebauenden Terrain ënnersichen, fir eventuell präsent Vestigen ze fannen an ze evaluéieren. D'Sondagë sollen am Virfeld vun enger Bebauung gemaach ginn an domadder ebe verhënnere, dass herno en catastrophe musse Rettungsaktiounen gemaach ginn, déi net nëmmen heiansdo e groussen Zäitverloscht - dat hunn ech scho gesot - bedeiten, mä déi och vill Käschten no sech zéien.

De Projet an d'Commentaire sinn heiriwwer ganz optimistesche. Dës Mesurë sollen - oder sollten - Zäit a Käschte spueren. „Die Botschaft hör ich wohl, allein mir fehlt der Glaube.“ Mir vergläiche jo hei eng Istsituatioun, wou op eng „opportunistic“ - am englesche Sënn vum Wuert -, op eng opportunistesch Aart a Weis hei an do emol eppes fonnt gëtt, mat enger neier Situatioun, wou dëst Gesetz muss iwwerall ëmgesat ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dann hei emol drun erënneren, dass ons Regierung déi lescht Wochen eng Debatt iwwer e qualitativen Wuesstum fir onst Land entaméiert huet. Dëst Gesetz wäert sécher missen an d'Considératiounen vun onse Stied- a Landschaftsplaner integréiert ginn.

Ech erënneren och nach eemol drun, mat wellechen Problemer d'Gemengen elo scho kämpfen, fir hir PAGen an hir SUPen - strategesch Ëmweltprüfungen; Dir kennt de Begrëff alleguer - ënnerdaach ze kréien.

An ech ginn dann emol dovunner aus, dass den archeologesche Package sech wäert hei dropprafen. Domat si mer bis zu engem gewëssenen Deel net d'accord, well mir gär géife wëssen, aus wellechem Déppen déi Moyene kommen, déi am Artikel 6, deen de Rapporteur zitéiert huet, ugeschwat ginn. Wie muss fir dës zousätzlech Käschten opkommen? Den Artikel 6 seet nämlech lapidär, dass de Stat - „les États parties“ - déi finanziell a materiell Moyene muss virgesinn, déi hei gebraucht ginn.

Am Kloertext: Zorzäit besteet e Flou, wien ënner wat fir enge Konditiounen an Délaien dës Fouille mécht. Fir d'CSV ass de Prinzip vun de Fouille selbstverständlech okay, wann de Stat d'Planifikatioun, d'Realisatioun an de Finanzement iwwerhëlt.

Elo hu mer ons e bëssen de Budget vum nächste Joer ugekuckt - an der Kulturkommissioun hate mer en nach net duerchgeholl - a mir gesinn, dass de Posten «Recherches historiques et travaux de caractère archéologique» fir 2017 sensiblement déi nämlech Montanten opweist wéi d'Konten 2015. Et ass jo dann och normal, well hei geet et jo ëm d'Fouilles d'urgence - där wäerte mer jo da keng méi brauchen -, dass de Posten «Recherches et travaux de caractère archéologique» ëm ongeféier 17% an d'Luucht geet an d'Frais de fonctionnement vum CNRA sech verduebele vum Joer 2016 op d'Joer 2017.

Ech froen Iech awer, Kolleeginnen a Kolleegen: „Soll dat wierklech duergoen, fir dëst Gesetz och an d'Praxis ëmzesetzen?“ Mir stelle fest, dass dëst Gesetz Gefor leeft, wéi verschidde vu sengen äänleche Virgänger, zwar gestëmmt ze sinn, dass et awer jiddefalls mat dëse puer Euroen net wäert ëmgesat kënnen ginn. D'CSV ass awer der Meenung, dass d'Ëmsetze vun esou enger Konvention essenziell ass. Ratifizéiere geet net duer!

Doraus ergi sech e puer méi prinzipiell Froen:

1. D'Regierung verspricht säit Joren eng nei Administration du patrimoine culturel, déi sech souwuel sollt mam Schutz vum Patrimoine wéi och mat der Archeologie befaassen. Si sollt also

d'Kompetenze vum jëtzege Service des sites et monuments an déi vum CNRA ënner engem Daach vereenegen. Dat géif d'Archeologie ganz kloer daitlech opwäerten. Et ass awer bis elo näischt geschitt. Ausser dësen Numm, dee mer kennen, wësse mer soss näischt iwwert dëse Projet.

„Ass d'Regierung dann elo der Meenung, dass déi Organisationsform, sou wéi se bis elo war, besser ass“, froe mer ons - déi ass vu fréiere Regierungen ënner CSV-Lead entstanden -, „oder wéini mécht se aus dësen Absichtserklärungen Neel mat Käpp?“

2. Den „ceterum censeo“ an der Kulturkommissioun ass säit Joren d'Gesetz iwwert d'Protektioun an d'Erhale vum kulturelle Patrimoine. Dee Projet ass de 17. Oktober am Joer 2000 vun der deemoleger Kulturministesch Erna Henricot deponéiert ginn, fir déi, déi sech däre net erënneren; souguer ech war dunn nach net an der Chamber. Ech war nom Fred Sunnen 2009 neie Rapporteur genannt ginn a stinn och haut nach op dem Rôle.

Et ass vun der Oppositioun an der Vergaangenheet ëmmer bemängelt ginn, dass mer dat Gesetz esou laang schleefe gelooss hunn. Dunn huet d'Madamm Nagel 2015 ëffentlech eng Neifaassung vum Projet versprochen: fir de Juli, duerno fir de September, du fir de leschte Wanner a schlusslech nach eemol kuerz ier se zrëckgetrueden ass.

Den Här Arendt huet dëst Gesetz seng „wichtigste Prioritéit“ genannt, zesumme mam Gesetz iwwert den Archivage. Dëst Fréijoer sot en, et géif intensiv dru geschafft ginn. Mir froen ons also, Här President: Wou ass et dann? Et geet net nëmmen Zäit verluer, mä an dësem Fall och Kulturierwen.

3. Et gouf, fir dat Gesetz ze erschaffen, am Joer 2014 eng Aarbechtsgrupp gegrënt. Doranner ware Vertrieder aus Ministère, dem Sycol, der Uni Lëtzebuerg a vun Denkmalschutzorganisationen. Dës Kommissioun war 15-mol zesummen an et soll do vill geschafft gi sinn. Et gëtt och Rapporten iwwert dës Sätzungen. D'Virgängerin vum jëtzege Kulturminister huet sech selwer vill gelueft iwwert d'Transparenz an d'Participationsprinzipien, déi hei an d'Praxis ëmgesat sollte ginn. Säthier ass awer Funkstille an et gëtt keen Abschlussbericht vun där Aarbechtsgrupp.

Et ass also vill Energie an Zäit opgewannt ginn, fir zu wellechem Resultat ze kommen? Mir wëssen et net. Mir géifen awer den Här Kulturminister gären eemol an der Kommissioun zu dësem Sujet héieren; mir géife gär d'Konklusiven aus dësem Aarbechtsgrupp kennen!

Et geet drëm, Äntwerten op folgend Froen ze kréien: Wéini kritt dëst Land en Inventaire vu sämtleche Kulturgidder? Wéi gesinn d'Prozeduren aus fir d'Protektioun? Wéi soll d'Zesummenaarbecht mat deenen anere concernéierte Ministère ausgesinn?

4. De CNRA huet bis elo keen Zougang zu de relevanten Kommissiounen am Ministère de l'Intérieur. Wéi soll een also deen Échange, deen hei préconiséiert gëtt, realiséieren, wann de Kontakt net do ass? „Ass den Innenministère mat dësem Problem befasst?“, froe mer ons.

5. Och am Här Bausch sengem MDDI, deen zoustänneg ass fir den Aménagement du territoire, wier et eminent wichtig, dass de CNRA géif matabezu ginn. Wéi soss soll en exhaustive Repertoire vun den archeologesche Sitten entstoen?

6. Mir gesinn also: Et kënn eng ganz schéi Mass Aarbecht op de CNRA duer. An dofir froe mer ons, ob dëse Service, souguer wann de Budget fir d'nächst Joer verduebelt gëtt, personalméisseg genuch étofféiert ass, fir dës Aufgaben ze erfüllen. Mir mengen net. Mir menge villméi, dass mer elo hei dës Konvention ratifizéieren, mä dass d'Ëmsetzung vum Gesetz esou net wäert méiglech sinn.

Aus dëser Ursaach géif ech hei wëllen eng Motioun presentéieren, Här President, wou mer an de Prämissen dat soen, wat ech elo grad gesot hunn a wou mer d'Regierung invitéieren:

«- à s'assurer que les moyens matériels et humains nécessaires soient mis à disposition afin que la mise en pratique de ladite Convention puisse être à la hauteur de sa mission de protection du patrimoine archéologique;

- à s'assurer de même que la mise en pratique n'alourdisse pas les procédures dans le cadre de projets d'aménagements».

Ech ginn Iech heimadder dës Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

Motion 1

concernant l'application de la Convention européenne pour la protection archéologique

La Chambre des Députés,

- considérant la richesse archéologique présente dans le sous-sol du Grand-Duché de Luxembourg,



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

témoins des différentes époques historiques et préhistoriques de notre pays;

- rappelant que le Grand-Duché de Luxembourg a signé la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique à La Valette le 16 janvier 1992;

- considérant que, d'après l'exposé des motifs du projet de loi (n° 6993) portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette, notre législation actuelle prévoit d'ores et déjà un grand nombre de dispositions concernant la protection du patrimoine archéologique, avec notamment l'obligation d'information en cas de découverte archéologique et la possibilité de protection juridique par voie de classement, de même qu'un système d'autorisation de fouilles et d'exportation d'objets mobiliers;

- considérant que, d'après l'exposé des motifs du projet de loi sous rubrique, le nouveau concept de conservation intégrée apporte non seulement une sécurité juridique mais également un gain de temps et d'énergie non négligeable alors que l'élément «archéologie» est pris en compte dès le début du projet d'aménagement;

- considérant que ladite Convention confère de nouvelles missions au Centre national de recherche archéologique dans le cadre de la planification dans les politiques d'aménagement du territoire;

- considérant que le Centre national de recherche archéologique compte actuellement 15 personnes, dont 12 archéologues;

- considérant que l'article 6 du projet de loi sous rubrique portant sur le financement de la recherche et la conservation archéologique prévoit que chaque partie s'engage à prévoir un soutien financier à la recherche archéologique par les pouvoirs publics (...) et à accroître les moyens matériels de l'archéologie préventive (...);

- saluant finalement les principes et les objectifs de ladite Convention, tout en rappelant qu'une mise en pratique efficace et réussie de celle-ci n'est cependant guère envisageable par les moyens prévus actuellement dans le projet de budget de l'exercice 2017;

invite le Gouvernement

- à s'assurer que les moyens matériels et humains nécessaires soient mis à disposition afin que la mise en pratique de ladite Convention puisse être à la hauteur de sa mission de protection du patrimoine archéologique;

- à s'assurer de même que la mise en pratique n'alourdisse pas les procédures dans le cadre de projets d'aménagement.

(s.) Mme Martine Mergen, Mme Diane Aehm, M. Marc Lies, M. Marc Spautz, M. Claude Wiseler.

► **Mme Martine Mergen** (CSV).- Mir hunn dofir laang diskutéiert, ob mer esou eng eidel Hüls kéinte matdroen. Här President, Dir Damen an Härren Deputéiert, mir sinn der Mee-nung, dass d'Konventioun vu Valletta eng gutt Saach ass, soss hätte mer se deemools och net ënnerschiwwen. Dofir, an nëmmen dofir ginn ech haut am Numm vun onser Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Da sidd lech konsequent!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot, deen och scho prett ass.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, de Kolleeg André Bauler huet a sengem gudden - an dëser Matière kann ee roueg soen: fouilléierten an éruditen - Rapport scho munches gesot, soudass ech mech kann op e puer Punkten a menger Interventioun konzentréieren.

Ech géif gären ufänke mat engem kuerzen Zitat; et staamt vum Här Le Brun, dem Direkter vum CNRA, an et kennt aus engem Artikel vum Josée Hansen am „Land“ vum 8. Juli dëst Joer. Hie seet do Folgendes iwwert d'Archeologie: «C'est un enjeu de société, c'est notre patrimoine collectif. En une génération un cinquième de la surface du pays est aménagée - entraînant, si on ne fait rien, des destructions irrémediabiles du patrimoine.»

De Patrimoine huet dat ëmmer esou u sech - och de Patrimoine bâti -, wann e bis zerstéiert ass, wann e bis fort ass, dass en da verluer ass fir kommend Generatiounen.

Wéi räich eise Buedem un archeologesche Schätz ass, dorun ass och scho vu viregte Riedner hei erënnert ginn an dat ass och an der Kulturkommissioun diskutéiert ginn. Et ass de Chiffer genannt gi vu 6.000 erfaasste Sitten an am Ganze gétt geschat, dass ronn 25.000 archeologesch Sitten an eisem Sous-sol sinn. Dat si ronn 20% vun eisem Territoire, déi concernéiert si vun der Archeologie.

Dat ass wäit méi wéi d'europäesch Moyenne, an et ass dofir schonn e bëssen an enger gewëssener Schimmegkeet, wou ee muss feststellen, dass mer esou laang gebraucht hunn, fir dës Konventioun vu La Valette vun 1992 bei eis ze ratifizéieren. Et ass ëmsou méi schued, well mer an engem Land sinn, wat schnell wisst, wat iwwer Joren, Jorzéngte gewuess ass an nach ëmmer wisst. Mir sinn effektiv mëtten an enger Wuess-tumsdebat dran a mir sinn, wéi gesot, e Land, wat weiderhi wisst. An dofir ass déi Archeologie esou e wichtige Sujet, well et effektiv jo wichtig ass, dat ze erfaassen, wat verschwennt a wat fir kommend Generatiounen net méi do ass, wa mer et net uerdentlech erfaassen a valoriséieren.

De Constat vum Här Le Brun ënnerschreiw mer als LSAP also mat zwou Hänn. Et ass héich Zäit, dass mer handelen an och den Archeologen déi néideg Moyenen an Instrumenter ginn, fir eng effikass Bestandsopnam a Valoriséierung vun eisem archeologesche Räichtum ze maachen, déi esou wichtig ass fir d'Verständnis vun eiser Gesellschaft.

Mir freeën eis also doriwwer, dass mer haut am Beräich vum Denkmalschutz fir d'zweete Kéier an engem Joer eng wichtig international Konventioun hei ratifizéieren. An ech géif gären dem Kulturminister, dem Statsekretär an och senger Equipe e grouse Merci soen an e grouse Luef ausschwätzen, well dës Regierung huet dat gemaach, wat viregt Regierungen net gemaach hunn: Si huet 25 Joer no der Ënnerschrëft dës Konventioun vu La Valette bei eis ratifizéiert an domat de Grondsteen geluecht fir eng méi modern an eng besser Legislatioun am Beräich vun der Archeologie.

Här President, wéi de Statsrot huet och de François Dessailles a sengem Rapport vun 2013 op dee Retard bei der Ëmsetzung vun internationale Konventiounen higewisen. En huet d'Fro opgeworf, ob dëse Retard net och vläicht mat engem Manktem u Wëlle vum Stat ze dinn hätt, fir sech international ze engagéieren. Dat huet sécher och matgespillt an der Vergaangenheet als ee vun de Grënn, firwat d'ratifizéierung vun dëser Konventioun wéi och vun där vu Granada esou laang op sech waarde gelooss huet.

Mir begrëissen dofir och, dass d'Kulturkommissioun beschloss huet ze froen, fir eng Lëscht opstellen ze loosse vun all den internationale Konventiounen am Beräich vun der Kultur, déi Lëtzebuerg nach net ratifizéiert huet, a mir hoffen, dass mer dës Lëscht esou schnell wéi méiglech kréien. Mat der Konventioun vu La Valette gi mer eis e Kader, fir d'Entdeckung vun eisem vasten archeologesche Patrimoine a beschtméigleche Konditiounen ze maachen, souwuel juristeschesch wéi och konform mat internationale Standards.

E ganz wichtegt Instrument vun dëser Konventioun, dat ass och scho gesot gi vum Martine

Mergen, ass an deem Sënn den Artikel 5, dee fuerdert, dass d'Länner de Schutz vum Patrimoine archéologique an hir urbanistesche a landesplaneresche Politik matabannen, dat virun allem andeem all déi concernéiert Akteure sech consultéieren an andeem si archeologesch Inventairen opstellen. Esou férdere mer déi preventiv Archeologie, déi virun engem Chantier stattfënn, contrairement zu der sougenannter Archéologie de sauvetage, wann de Bau schonn amgang ass an Deeler vun deenen entdeckte Vestigen oft schonn zerstéiert sinn.

Dës Archéologie de sauvetage, wou de CNRA Pompjee spillt, ass eng dépasséiert Archeologie, an et ass justement déi, déi am Gesetz vun 1966 virgesinn ass, vun där mer wëssen, dass se net fonctionnéiert an, au contraire, eng deier Archeologie ass an e Facteur ass vu Retard an der Realisatioun vun de Projeten.

Ech wëllt och op dëser Plaz, wéi verschidde vu menge Virriedner, dovunner profitéieren, fir dem CNRA e Luef auszuschwätzen an ze félicitéieren, well de Centre net op d'ratifizéierung vun der Convention de La Valette gewaart huet, fir dës preventiv Archeologie ze praktikéieren, a scho säit enger Partie Jore preventiv schafft, zum Beispill um Site vum Ban de Gasperich.

Wéi vill besser a méi präiswäert dës preventiv Archeologie ass, konnte mer och diskutéieren an der Kulturkommissioun. Déi Fouilles de sondage, op deenen dës Method baséiert, kaschten een Euro de Meter carré a si sinn eng Method, déi et erlaabt, duerch ebe Sondag feststellen, ob eppes do ass, an dat dann och uerdentlech ze erfaassen.

Et ass effektiv och eng Fro vu Finanzéierung hei: Finanzéierung duerch de Secteur public oder duerch de Secteur privé? An dat ass vläicht e Punkt, op deen de Statsekretär kann agoen a senger Interventioun, a wat fir enger Mesure mer do virukomm sinn. Et ass gewosst, dass dat eng Mesure ass, déi am Zukunftspak war, ënnert der Nummer 41 mengen ech, fir eng Kofinanzéierung vun dëse Mesuren duerch de Secteur privé, duerch also d'Promoteuren, wa se bauen, fir d'Bauhäre matzkréien. An ech wollt froen, ob dat eng Mesure ass, déi schonn ëmgasat ass, oder ob déi en passe ass ëmgasat ze ginn.

D'Konventioun gesäit do dernieft och nach eng ganz Rei aner wichteg Moossname vir, wéi zum Beispill den Accès vum Public zu de Sitten, souwäit e méiglech ass, an och d'Sensibiliséierung vun de Leit. Ech hat dat scho bei der Adoptioun vum Granada-Gesetz gesot am Februar dëst Joer: An eisen Aen ass d'Sensibiliséierung an d'Éducation an dësem Beräich ganz wichtig a mir begrëissen dat, dass dat an dëser Convention de La Valette och en Thema ass. A mir hoffen, dass dat am Partenariat - do ginn ech dovunner aus - mam Éducationministère vläicht och nach an Zukunft méi ausgebaut gétt. Et gi jo scho munch Efforte gemaach an dësem Beräich, mä ech mengen, hei kann ee sécher nach méi maachen.

Eng weider wichtig Moossnam ass d'Preventioun vun net autoriséierte Fouillen an den Détournement vun Objeten. An deem Beräich schreift d'Konventioun eng besser a méi strukturiert Zesummenaarbecht mat auslänneschen Autoritéite vir.

Här President, wéi de Statsrot ganz richtig schreift a sengem Avis iwwert dëse Gesetzesprojet - an och dat ass scho gesot gi vu viregte Riedner -, mussen d'Instrumenter, déi dës Konventioun virschreift, a Lëtzebuergerecht ëmgasat ginn. Déi Ëmsetzung soll am Kader vun der Reform vum Denkmalschutz geschéien, der Loi sur le patrimoine culturel.

An deem Kontext ass et eis wichtig, dass mer, wéi säin Direkter dat et virschléit, dem CNRA méi Autonomie a méi Moyene ginn, fir seng Aarbecht ze maachen. An enger Dageszeitung vun haut, dem „Quotidien“, ass ze liesen, dass de CNRA - an ech mengen, dat ass och gesot ginn an der Kulturkommissioun - Fouillen op engen 30 Sitte pro Joer duerchféiert, duerchféiere ka mat sengem Budget a mat senger Moyene vun haut, wou dat der eigentlech idealerweis 50 sollte sinn.

De CNRA kéint dann och nach vun europäesche Subventiounen profitéieren, wann en onofhängeg wier an net méi am Kader vum Musée national d'histoire et d'art agebonne wier. Mir mussen natierlech och an deem Kontext iwwert de Finanzement vum CNRA nodenken an den néidege Budget virgesinn, fir de Schutz vun eisem archeologesche Patrimoine ze garantéieren.

Här President, ech hunn dat och schonn am Kader vun der Granada-Konventioun gesot: Et ass wesentlech, dass mer dat neit Denkmalschutzgesetz op den Instanzewee bréngen. Ech weess, an dat ass och elo vum Martine Mergen nach eng Kéier gesot ginn an dorun erënnert ginn, d'Virgeschicht vun deem Projet. Et ass jo scho vill dru geschafft ginn. An ech mengen, och dat ass eppes, wat dem Kulturministère héich unzerechnen ass, dass en déi Aarbecht gemaach huet!

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et ass eng Viraarbecht gemaach ginn. Et sinn Assises du patrimoine gemaach ginn. Et ass e Groupe de travail gemaach gi fir dësen dach awer zimlech mëssgléckte Chantier, wou déi viregt Regierung et net fäerdegbuecht huet, dee Projet de loi vun 2000 op en Enn ze bréngen, och sécher ënner munchen Pressiounen, a wirtschaftleche Pressiounen. Den Denkmalschutz ass och dowéinst, mengen ech, bei eis am Land ni esou seriö geholl ginn, well en eben och géint eng Rei wirtschaftlech Intérète geet!

An ech mengen, dass de Kulturministère an dëser Regierung dëse Projet seriö geholl huet, dass d'Viraarbecht geleescht ginn ass. An ech géif mer wënschen an ech si sécher, dass de Statsekretär elo a senger Ried dorobber ageet, dass dëse Projet deemnächst déposéiert gétt an dass mer dee sécher nach virun Enn vun der Legislatur kënne verabschiden.

Fir d'LSAP ass dëst e ganz wichtige Projet de loi, deen de Patrimoine culturel a sengem Ensemble ëmfaasst, net nëmmen de Patrimoine construit, mä och d'Archeologie an de Patrimoine immatériel. Mir géifen, wéi gesot, et begrëissen, wann dat géif ganz schnell elo kommen.

Dat gesot, begrëisse mir als LSAP-Fraktioun dëse Projet de loi, mir begrëissen et, dass dës Convention de La Valette elo endlech bei eis ratifizéiert gétt. An ech géif dofir gären den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn an lech Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Fayot. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Madamm Presidentin. De 16. Januar 1992 ass déi europäesch Konventioun iwwert de Schutz vum Patrimoine archéologique vu La Valette vum Conseil de l'Europe vu Lëtzebuerg ënnerschiwwen ginn. Haut, de 16. November 2016, also bal 25 Joer duerno, gétt se dann och ratifizéiert.

Bis haut ware mir eent vun deenen dräi Länner, niewent Montenegro an Island, déi déi Konventioun nach net ratifizéiert haten. Dat wëllt natierlech net heeschen, dass an all deene leschte Joren näischt zu Lëtzebuerg geschitt ass, fir de Patrimoine archéologique ze schützen respektiv ze retten; ech wäert nach kuerz dorop zrëckkommen. Dat léist allerdingens duerchblécken, esou wéi et och am Exposé des motifs vun dësem Projet de loi steet, datt Lëtzebuerg sech net extra concernéiert fillt, wann et ëm d'Ëmsetzung vun internationale Konventiounen an dësem Beräich, also am Schutz vum Patrimoine, geet.

Mir haten, dat ass och schonn erwäant ginn, eréischt de 25. Februar 2016 d'Convention de Grenade ratifizéiert. Do ass et ëm d'Protection du patrimoine architectural gaangen. Déi ass vun 1985. Do hate mer 31 Joer gebraucht, fir ze ratifizéieren. Mir ginn also lues a lues méi schnell.

(Hilarité)

Den deemolege Rapporteur, also vun der Convention de Grenade, wat deeselwechten ass wéi dee vun haut, deen hat och eng méiglech Erklärung fir dee Retard vun der Ratifizéierung vun der Convention de Grenade. Deen huet deemools festgehalen, datt déi Convention de Grenade kuerz no deem Gesetz, wat mer zu Lëtzebuerg votéiert haten iwwert de Schutz vum dem Patrimoine architectural - dat war kuerz duerno, dat war vun 1983 -, gestëmmt ginn ass. Dunn hate mer vläicht '85 gemengt, mir missten net direkt reagéieren.

Zu deem Gesetz iwwert d'Protection du patrimoine, zu deem Monumentsgesetz ass scho vun der Verriederin vun der CSV gesot ginn, an dat fannen ech awer relativ couragéiert, datt d'CSV monéiert, datt dat Gesetz zwar 2000 déposéiert ginn ass, nach ëmmer um Rôle ass an datt do, trotz verschidden Ukënnegungen, nach näischt geschitt ass! D'Madamm Mergen huet och gesot, si wier nom Här Fred Sunnen Rapporteur gewiescht. An da muss ech awer och froen: Wie war da vun 2000 bis 2013 de Minister vun der Kultur?! A vun 2000 bis 2013 ass awer méi laang wéi vun 2013 bis 2016!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Duerfir hunn ech dat awer couragéiert fonnt. An ech mengen, Dir hutt och gesot, Dir géift déi Convention de La Valette gutt fannen, duerfir hätt Der se deemools ënnerschiwwen. Mä et waren awer och vun 19... - wat hate mer gesot? - '92 bis dann eben, kommt, mer soen ëm 2013, et waren awer och vill Joren, wou och Dir se net ëmgasat hutt! Ech hat dat net geplangt a menger Ried, Ma-



damm Mergen, mä ech hunn awer gemengt, och dierften esou op Är Äusserungen ze reagéieren.

(Interruption)

Schonn am Abrëll 1993 hat zum Beispill den Historiker Michel Pauly op d'Noutwendegkeet higewisen an engem Artikel vun der Zäitschrëft „Forum“ - déi iwwregens de Freideg hire 40. Anniversaire feiert, och dat ass en histoiresche Fait -, fir d'Konventioun vu La Valette ze ratifizéieren. Hien huet eng ganz Rëtsch Beispiller opgefouert, fir ze weisen, datt eis Nopeschlänner e gutt Stéck méi wäit wieren, wat den Denkmalschutz an d'Denkmalfleeg betrëfft. An en huet och op eng Rei Lücken an Defiziter bei eiser Gesetzgebung am Beräich vun der Protection du patrimoine higewisen.

Ënner anerem zwee Punkten hat hien a sengem Artikel als problematesch opgezielt: éischstens, den Usproch op Entschiedegung, deen de Propriétaire huet, bei deem d'Fouillen duerchgefouert ginn, oder eventuell besser d'Angscht virun dësen Ufuorderungen, déi, esou hat hien den Androck, géifen derzou féieren, datt esou munches net klassifizéiert géif gi respektiv kee Baustopp géif verhaange ginn.

An zweetens, d'Konventioun vu Malta gesäit an hirem Artikel 6 vir, datt d'Finanzéierung - an och dat war jo eng Fro - nom Verursaacherprinzip sollt geschéien. Wien also onbedéngt wëllt op engem archeologesch interessanten Terrain bauen, soll och d'Käschte fir d' noutwendeg Fouillen am Virfeld selwer bezuelen.

D'Konventioun vu Valletta hat also der Mesure 41 vum Zukunftspak wäit virgegraff. D'Mesure 41 vum Zukunftspak, ech liesen lech se eng Kéier vir: «Développement d'un nouveau concept de financement des fouilles d'urgence à réaliser par le Centre national de recherche archéologique en ayant recours à une contribution participative privée dans le secteur de l'aménagement du territoire.» Ech mengen, den Här Fayot hat déi Froe gestallt. Déi kann ech just ënnersträichen, déi stinn am Raum, déi sinn interessant. Wou sti mer do?

D'Konventioun vu Valletta ass wichteg, fir eng Rei vu Lücken an eiser Legislatioun ze schléissen, wat europäesch an international Standarden ugeet. Den honorabele Rapporteur André Bauler ass souwuel a sengem schréftleche wéi och mëndleche Rapport op de Surplus agaangen, deen dës Konventioun bei eise Beméiungen, fir eise Patrimoine archéologique ze schützen, bréngt wäert.

Dat sinn engersäits eng Rei Prinzipien an Definitionen. Sou gëtt definéiert, wat alles ënner „Patrimoine archéologique“ fält. Et geet hei ëm all Iwwerreschter a Géigestänn a Spure vu Mënschen aus der Vergaangenheet, déi eis kënnen hëllefen, eis Geschicht an eis Relatiounen zur natierlecher Ëmwelt zréckzeverfollegen. Et geet also souwuel ëm Bauwierker, Gebäier, Ensembles, beweeglech Géigestänn, Denkmäler vun all Zort.

An ech hat och scho gesot, datt och bei eis zënter 1992 vill am Beräich Protection du patrimoine archéologique geschitt ass. An engem ganz interessanten Artikel, deen och den Här Fayot gelies huet an hei schonn ernimmt huet, an zwar en Artikel vum Josée Hansen den 8. Juli 2016 am „Lëtzeburger Land“ - dat ass da mäi klengen Nodeel, wann een als Zweetleschten oder als Drëttschlechte muss schwätzen -, trotzdem, do sinn eng ganz Rei interessant Ausféierungen och ugefouert ginn.

Zënter dem Enn vun den 90er Joren, wahrscheinlech als Konsequenz op d'Affär ronderëm de Viichtener Mosaik, si mir eis zu Lëtzebuerg méi bewosst ginn, datt mer d'Spüre vun eiser Vergaangenheet misste sécheren an och ënnersichen. Zënterhier hu sech déi preventiv Fouillë generaliséiert. Sou maachen d'Servicer vun de Ponts et chaussées systematesch Fouilles archéologiques. An hei ass de Landverbrauch an deene leschte Jorzéngte jo wierklech enorm: Collectrien, Nordstrooss an esou weider.

Haut schaffen eng 15 Leit am Centre national de recherche archéologique. A bis haut sinn eng 6.000 archeologesch Sitten am Land detektiéiert.

Et ass awer och op anerem Plang ganz vill geschitt zu Lëtzebuerg an deene leschte 25 Joer. 1981 hunn 365 Milliounen Leit zu Lëtzebuerg gewunnt, haut sinn et der 576 Milliounen. An den Drock op den...

(Interruptions diverses)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Et ass net Milliounen!

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Pardon! Oh, entschëllegt!

(Interruptions)

Et war just en Test, ob Dir mer géift nolauschte- ren, Här Kartheiser. Dir hutt e bestanen.

Also 365.000 Leit hunn 1981 hei gewunnt. Haut sinn et der 576.000. An den Drock op den Aménagement du territoire ass net just am landwirtschaftlechen an am Ëmweltberäich spierbar. An am Projet de loi steet zum Beispill, datt mer haut an zéng Joer esou eng grouss Fläch aménagéieren, wéi fréier an 20 Jorhonnerten.

► **Une voix.**- Ouh?

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- An et steet do, datt, wann dat esou weidergeet, dann ass a 50 Joer e Véirel vum ganze Land aménagéiert, dat heescht verbaut. An duerfir ass eng nohalteg Landesplanung och gutt fir den Erhalt vun eisem Patrimoine architectural.

Zum Schluss dann nach, fir datt mer och hei vu Plaze kommen, brauche mer natierlech e CNRA, deen och déi Moyenen huet, fir kënnen seng Aufgaben ze realiséieren, déi en och mat deem heite Gesetz kritt. An natierlech brauche mer eng Sensibiliséierung an eng Educatioun, och vun eise Jonken a vun all de Leit am Land, déi eben och drop hiweist, datt et wichteg ass, datt mer eis mat eiser eegener Vergaangenheet befaassen a se och schützen.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet an ech bréngen den Accord vun der grénge Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Adam. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools Merci, Madamm President. Ech hunn, a verschäerfter Form, dee Problem, deen och den Här Adam beschriwwen huet: Wann een als Fënneften iwwert dëse Sujet schwätzt, ass scho bal alles gesot, awer nach net vu jiddwerengem. Ech wäert méch also op e puer ganz wesentlech Saache just beschränken.

Dat Éischt ass natierlech e Merci un de Rapporteur, deen, wéi esou dacks, eng wonnerbar Aarbecht hei mécht.

Déi zweet Saach ass awer institutionell, eng Fro, déi ech der Regierung wëll stellen. Näämelech, ech mengen, den Här Fayot hat et och schonn ugeschwat: Wéi soll - institutionell - d'Archeologie hei an Zukunft organiséiert ginn?

Et ass esou, datt déi Servicer, déi mer am Abléck hunn, ganz modest sinn. Et ass och esou, datt déi Tatsaach vill jonk Leit dervun ofhält, Archeologie ze studéieren, well keng Débouchéen ze gesi sinn. Wann elo all puer Joer nëmmen eng Plaz fräi gëtt, ass dat natierlech näischt Attraktives, fir esou e Beruff ze ergräifen, wann een net weess, ob een eng Zukunft huet oder net. A wann dann en Archeolog oder e Spezialist gebraucht gëtt, da muss mer dann heiansdo an d'Ausland Leit siche goen, well mir der net genuch hunn.

Wa mer awer hei wesentlech Aufgaben derbäi maachen - an um Volume wäert d'Aufgab jo wuesse fir déi Servicer -, da muss mer och higoen a kucken, fir d'Personaldecken an d'Méiglechkeete vun esou engem Service ze erhéien. Déi Méiglechkeet, fir en Institut du patrimoine culturel ze maachen, déi ass haut nach eng Kéier ernimmt ginn. Déi hätt de Virdeel vun der Onofhängegkeet an esou weider; all déi Argumenter si schonn ernimmt ginn. Ech wëll dat elo hei net widderhuelen.

Et ass eng zweet Fro, niewent der institutioneller Fro, natierlech déi vun de Prozeduren. D'CSV huet eng Motioun elo hei hannerluecht, an där se seet, als zweet Fuerderung, datt d'Prozeduren net sollen alourdisséiert ginn, net solle méi schwéier ginn. Dat ass inévitable! Ech mengen, wa mer elo hei eng ganz Rei Obligatiounen nach derbäikréien am Beräich vun der Archeologie, da ginn d'Prozedure méi schwéier.

De Problem ass, si dierfen d'Prozeduren net retardéieren! An ech mengen, wann ee genuch Leit huet a wann ee geschéckt higeet an der Verwaltung, fir déi Prozeduren direkt matanzebauen an engem fréie Stadium, op allen Niveaue vun der Landesplanung, och op Gemengenniveau, da muss et méiglech sinn, net aus enger zousätzlecher wichteger Aufgab e Retard entstoen ze loosse.

Hei goufe ganz vill Kommentaren och gemaach, et wär scho ganz vill preventiv Archeologie gemaach ginn an esou weider. Sécher, et sinn Efforte ginn, awer et geet net duer!

Ech wëll als Beispill hei vläicht d'Glaciskapell nennen. Ech weess net, wéi laang mer hei am Land wëssen, datt déi Glaciskapell do ass. Ech mengen, 200 Joer wäerte mer dat wëssen. Wéi dacks ass dann duerno gegruewe ginn? Mir hu se elo fonnt, an als Archéologie de sauvetage alt erëm eng Kéier wor d'Approche, amplaz datt mer Fouillen en amont vun deene Chantiere gemaach hätten, déi elo do gemaach gi sinn. Dat hätt eis méi Zäit ginn. Et hätt och keng Chantiere

retardéiert herno. Mä ech mengen, dat Beispill vun der Glaciskapell weist eis, wivill Efforten nach an déi do Richtung musse gemaach ginn.

Et geet also haaptsächlech drëm, keng zousätzlech Délaien entstoen ze loosse. An dat ass eng Ustrengung! Eng Ustrengung, wat d'Personal ugeet, eng Ustrengung, wat d'Plangung ugeet souwuel um nationale wéi um kommunalen Niveau. Op jidde Fall ass et awer derwäert, dat ze maachen, well wann ee vu Sensibiliséierung schwätzt, da muss een einfach eng Mentalitéit kënnen erreeche bei alle Verantwortlechen, datt d'Découverte vun engem Héritage archéologique e Seegen ass a kee Fluch.

Well och op Gemengenniveau kann een dat valoriséieren! Et kann d'Attraktivitéit vun enger Gemeng wesentlech verbessern. Et kann een dat flott als Touristenattraktioun maachen haut mat elektronesche Mëttelen, déi et fréier net gi sinn, wou ee sech ka lieweg virstellen, wat do war. A wéi flott dat kann duergestallt ginn, alles dat sinn technesch Méiglechkeeten, en Investissement, well Tourismus heescht och e Revenu fir eng Plaz. An ech mengen, wann een d'Archeologie och an deem Geescht gesäit, dann ass dat eben éischter e Seege wéi e Fluch.

Et geet drëm, déi Sitten ze valoriséieren. An et gëtt och haut Entreprises, heiansdo och Verantwortlecher op Gemengenniveau, vun deenen een héiert, datt ee léiwer weidergrueft, wéi ze gesinn, wat doläit. Dat muss Saache sinn, déi der Vergaangenheet ugehéieren! Dat muss een einfach aus de Käpp erauskréien an dann awer och mat iwwerzeegenden Argumenter weisen, datt d'Découverte vun engem archeologesche Vestige, datt dat, wéi gesot, eppes ganz Positives ass. An dat ass e wichtige Punkt.

Wann awer hei vu Sensibilitéit geschwat gëtt vun deene Jonken, da muss een och vläicht kuerz eis Schoulprogrammer ernimmen. Mir mussen och emol erëm higoen an Heimatkunde maachen an och am Unterrecht an de Schoulen an de Geschichtsprogrammer och schonn um Niveau vun der Primärschoul erëm eng Chronologie do erakréien. Et geet net duer, thematesch d'Geschicht ze vermëttelen, wann een net weess, wéi d'Saachen der Rei no komm sinn: d'Kelten, d'Réimer... Well wann een déi Lëtzeburger Geschichte wëllt verstoen, da geet dat net ouni Chronologie!

An et muss een d'Kanner och erëm encouragéieren, fir Visitten an de Muséeen ze maachen an déi Saachen esou ze entdecken, der Rei no ze entdecken, wéi eben d'Geschicht se heihinnerbruecht huet.

An et ass och bedauerlech an deem Zesammenhang, datt ganz vill vun den Découverten hei am Ausland - archeologesch, mä och herno an eiser Kulturgeschichte, ech denken do u verschidden Handschrëfte vun lechternach oder esou -, datt do wichteg Saachen, déi mer hei am Land fonnt hunn oder produziéiert hunn am Konschtberäich, an auslännesche Kollektiounen leien. An et wär ganz schéin, wa mer, wa mer net d'Originaler hei hunn, weinstens ganz gutt Kopien ëmmer hei hätten, fir datt mer awer e Gesamtiwwerbléck vun der Geschicht vun eisem Land och an eise Kollektiounen hei am Land kéinten de Leit presentéieren.

Da muss een nach eng Kéier den Ënnerscheed maachen zwëschen de Fouilles de sauvetage, där mer der hei e puer ernimmt haten, an der preventiver Archeologie. Et ass nun eemol esou: Wann een eppes fënnt a séier dohigeet gruewe, ass dat eppes ënner Zäitdrock an ënner ganz villen anere Contrainten, ass dat nun eemol eppes ganz aneres wéi déi Philosophie vun der Konventioun vu La Valette, an där mer eis hei bewegen, wou ee sech d'Mëttelen an d'Zäit gëtt, fir wierklech dat ze entdecken, wat eist Land alles u Rächtum huet - an dat ass ganz vill!

Dat gesot, ënnerstëtze mir dëst Gesetz a mir hopen, datt mer eis och dann déi néideg Mëttelen ginn, fir dat heiten ëmzesetzen.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kartheiser. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Den Här Adam hat sech virdrun doriwier beschwéiert, datt een als drëttschlechte Riedner eigentlech scho vill Argumenter virewechgeholl kritt. Als leschte Riedner ass dat natierlech nach eng Kéier eng aner Situatioun.

Duerfir wëll ech eigentlech och net op déi Saachen nach eng Kéier agoen, déi scho gesot gi sinn an déi richteg sinn an, ech mengen, fir déi et awer och eng grouss Unanimitéit hei an der Chamber gëtt, och eng grouss Conscience, déi amgang ass ze wuessen an deene leschte Joren, wat déi doot Froen ugeet.

Dat, wouop et elo eigentlech ukënnt, dat ass, fir dat Ganzt a Musek ëmzesetzen, dat heescht, an d'national Gesetzgebung, an déi Instrumenter och ze applizéieren. Duerfir waarde mer mat Ongedold a mat Freed op dat neit Denkmalschutzgesetz, wat an der Maach ass, a ginn och eisen Accord zu dësem Gesetz.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci, Här Baum. Ech hunn elo kee méi op der Lëscht hei. Dann hunn ech elo de Pleséier, fir der Regierung d'Wuert ze ginn, an ech géif dat direkt maachen: dem Här Statssekretär Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Guy Arendt**, *Secrétaire d'État à la Culture.*- Merci, Madamm Presidentin. Fir mech ass et nach méi schwéier, well ech sinn als Allerleschten do, fir e puer Wuert zu dem Projet hei ze soen.

Ech géif op alle Fall wëllen ufänken, andeem ech dem Här Bauler, dem Rapporteur, an all deenen Intervenanten e grouse Merci ausdrécken. Ech mengen, et war eng flott Debatt mat flotten Argumenter. An ech versichen, op déi eng oder déi aner Fro op alle Fall ze äntwerten.

Bon, et ass gesot ginn, ech soen et awer deelweis nach eng Kéier: '92 ass déi Konventioun zu La Valette ënnerschrifwe ginn. Mir sinn eent vun deenen zwee oder dräi leschte Länner, déi nach net ratifizéiert hunn. Dofir wëlle mer dat och elo nohuelen.

Ech mengen, et ass alles schéin a gutt, fir ze soen: „Et louch elo esou laang do, et ass näischt geschitt.“ Bon, mir hunn et, wéi den Här Fayot gesot huet, an de Grapp geholl a mir hunn et op de Wee bruecht an dës Sëtzung.

Bon, eis Legislatioun, dat huet de Rapporteur och scho gesot, ass eng vereelzten a si ass och net komplett. Mir hu wuel e Klassement vu verschiddene Sites archéologiques, mir hunn d'Verpflichtung, wann een eng Découverte mécht, fir déi ze signaliséieren, wat net ëmmer gemaach ginn ass. Ech wëll elo näischt, kee Site ernimmen, mä dat ass awer de Fall gewiescht. An, wéi gesot, et muss een och eng Autorisatioun hunn, fir verschidde Fouillen duerchzeéien. Dat sinn awer nëmmen e puer Punkten. A wann ech europäesch kucken, sinn awer nach eng ganz Partie Saachen, déi eis feelen.

D'Valletta-Konventioun huet op alle Fall véier Notiounen, déi mer hei aféieren. Dat ass d'Definition iwwerhaapt: Wat versti mer ënner Patrimoine archéologique? Zweetens ass d'Opstelle vun Inventairen eng Obligatioun, an d'Mise à jour natierlech och vun deenen Inventairen. Mir hunn d'Notioun vun der „conservation intégrée“ a mir hunn eng verstärkte Sensibilisatioun vum Public.

Ech fannen, dat geet - ee vun de Virriedner hat et och gesot - mat der Educatioun zesummen. Dat ass effektiv e Punkt, dee mer musse mat der Educatioun ugoen. Mir mussen definitiv d'Leit vill méi sensibiliséieren op de Patrimoine, sief et de Patrimoine construit, sief et de Patrimoine souterrain oder archéologique.

Leider ass dat net ëmmer an eiser Mentalitéit dran. An ech mengen, et gëtt Zäit, dass mer déi Mentalitéiten e bëssen ëmänneren, dass mer do e bëssen dru rësele ginn, fir de Leit erëm méi Sensibilitéit dofir ze ginn. Et ass gesot ginn: Et ass net e Fluch, et ass net eng Plo, mä et soll ee frou sinn, wann een där Témoine vu fréier nach fënnt, déi een do ka weinstens dokumentéieren, wann ee se net wëllt erhalen.

Kuerz géif ech nach wëllen op d'Conservation intégrée kommen. Et ass en Instrument, wat fir eis ganz wichteg ass. Firwat? Mä ganz einfach, well mir hunn en enorme Patrimoine ënnerierdesch leien, wéi eben eis Glaciskapell, déi ugeschnidde ginn ass, mä och aner Sitte si ganz wäertvoll. Mir hunn där Plazen nach vill, dofir wär et gutt, wa mer do géifen, wéi gesot, en Inventaire maachen.

Dann, op där anerer Säit, wéi gesot, sinn och vill Bauprojeten, siefen et Autobunnen, Parkhauser, awer och nei Logementer. An dofir ass, wéi gesot, déi Notioun vun der Conservation intégrée eng ganz wichteg.

Et geet drëm, fir déi verschidde Gremien un en Dësch ze kréien, sief et Urbanismus, sief et Aménagement du territoire, an dat an enger Planungsphas. Et ass virdrun deelweis bemängelt ginn: „Jo, mä, bon, dat gëtt Retarden, et kascht méi deier.“ Ech fannen, et gëtt méi deier, wann een eng Archéologie de sauvegarde mécht, wou een dann op eemol eppes entdeckt, an dann op eemol muss een alles stoppen an da fänkt een eréischt un. Dat gëtt Délaien, éischstens Zäit-délaien, mä awer och finanziell Délaien. All Délai, dee kascht jo awer och Suen!

Dobäi ass et da wichteg, a mengen Aen, dass mer déi Archéologie préventive aféieren, déi wierklech... An dat ass och schonn de Fall, ech mengen, de Fonj Le Brun mécht dat scho mat senger ganzer Equipe - iwwregens e grouse Merci och un de CNRA -, mä si maachen dat de Moment schonn, dass se wierklech versichen, souwäit wéi et nëmme geet, déi Akteuren un engem Projet esou schnell wéi méiglech un en Dësch ze kréien an dann, wéi gesot, eng Archéologie préventive ze maachen éischter wéi eng Archéologie de sauvetage.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)



Voilà. Ech mengen, et geet haaptsächlech drëm, fir déi Retarden, déi entstinn oder entstoe kënnen, ze minimiséieren. An, wéi gesot, vun Ufank un hu mer eng Rechtssécherheet an eng Previsibilitéit op deene verschiddene Chantieren.

E puer Commentairen nach oder Äntwerten op verschidde Punkten, déi opgeworf gi sinn. Zur Finanzementsmesure 41 kann ech soen: Do ass eng Etüd vun engem Cabinet gemaach ginn. Mir hunn déi Etüd virleien a mir sinn de Moment amgaangen ze analyséieren. Do sinn natierlech e puer Iddien opkomm, e puer Pisten opkomm, a mir sinn amgaangen ze kucken, wat do déi beschte Pist ass, fir kee bei der ganzer Saach ze strofen.

Zur Reorganisatioun vun der Administratioun Sites et monuments, CNRA kann ech lech soen, dass mer un där Iddi schaffen, fir eng Divisioun ze maachen, eng Division du patrimoine, wou mer géife kucken, fir de CNRA an de Service des sites et monuments ënner een Hutt ze kréien, fir dann eben och déi effikass kënnen ze schaffen. D'Aar-bechte sinn um Lafen. An et dierft net méi allze laang daueren, bis mer de Projet kéinten déposéieren.

D'Protection-du-patrimoine-Gesetz, et ass richtig gesot ginn, do läit scho laang eent am Tirang, mä dat ass ni ervirgeholl ginn. Meng Virgängerin huet déi Groupe-de-travaillen op d'Bee gesat an d'Assises du patrimoine aberuff, fir ze kucken, eben do d'Sensibilitéit vun deene verschiddene Secteuren erauszefannen, erauszeschielen. Déi Aarbechte gi selbstverständlech matabezunn an déi Aarbechten, déi elo de Moment stattfannen, a mir sinn dauernd a Consultatioun fir eben déi Texter iwwer sief et de Patrimoine architectural, sief et de Patrimoine archéologique, mä awer och de Patrimoine mobilier, fir doriwwer e Projet ze presentéieren.

Ech war, muss ech ganz éierlech soen, e bëssen Optimist, wéi ech ufanks des Joers gesot hunn, mer kéinten deen Enn des Joers déposéieren. Mea culpa! Ech ginn elo keng Zäit méi un, mä mir sinn op alle Fall ganz déck amgaangen drun ze schaffen. A mir missten dat och relativ schnell awer nach iwwert d'Bün kréien. Mä et ass net esou einfach, et ass vill Aarbecht, et ass net esou einfach, wéi ee sech dat virstellt, well et muss ee vill Punkte mat considéréieren.

Wat ech awer och nach wëll soen: D'Inventaire sinn ugeschwat ginn. Mir sinn de Moment an enger Testphas vun engem Inventaire an enger Gemeng. Deen Inventaire kréie mer vu Sites et monuments an deenen nächste 14 Deeg presentéiert an da wäerte mer decidéieren, a wat fir eng Richtung mer an där Inventorisatioun géifen da viruoen a wéi mer déi géife fäerdeg maachen.

Also, ech kann do nëmme soen: Mir schaffe ganz intensiv um Gesetz. Och um Inventaire gëtt ganz intensiv geschafft. Ech géif also mengen, mir wären um gudder Wee. An ech wär frou, wa mer deen heite Projet kéinte gutt iwwert d'Bün kréien.

Zu der Motioun vun der CSV: Si ass a mengen Ae superfétatoire. Mä ech mengen, ech hunn awer kee Problem, wann d'Deputéiert géifen doriwwer decidéieren.

Voilà! Dat wär et. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Jo? Den Här Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- ...ech hat gehofft, dass den Här Statssekretär vläicht déi eng oder déi aner méi prezis Äntwert géif ginn op déi Froen, déi d'Madamm Mergen gestallt huet, well wa mer och alleguerten d'accord sinn, dass Archéologie préventive eppes Wichteges ass, dann ass et awer net onwichtig, dass Der vläicht géift definéieren: Wat heescht Planungsphas?

Wéini fänkt eng Planungsphas un? Wéini hält eng Planungsphas op? Dann d'Délaie fixéieren, wou esou Interventiounen géife stattfannen, d'Kompetenz definéieren, a virun allem de Finanzement definéiere vun deem Ganzen! Well ech fannen, dass déi Aart a Weis, wéi dat elo zurzäit geschitt...

Ech hunn lech och e Bréif a menger Funktioun als Buergermeeschter op engem konkreten Dossier doriwwer geschriwwen: dass een e Bréif kritt vun deem Här Foni Le Brun - wou een déi éischte Kéier, wann een de Bréif kritt, net weess: Ass et e Mann, ass et eng Fra? Elo weess ech, dass et e Mann ass, den Här Foni Le Brun -, net vun lech, fir esou Saachen ze maachen, wou een dann opgefuerdert gëtt als Gemeng...

(Interruption)

Jo, et ass an der Reil! Mä wa gesot gëtt, et soll een d'Akteuren un en Dësch bréngen an et soll ee kucken, dass jiddweree matschafft, an et kritt een einfach e Bréif dohinnergetässelt, dat 14 Deeg, nodeem eng Sitzung war vun enger Commission d'aménagement, an da kritt ee gesot, et wär een elo gebieden, eng Fouille préventive ze maachen - et soll een déi selwer maachen an et soll ee kucken, déi selwer ze finanzéieren -, an et schreift een dann dem Statssekretär e Bréif, fir ze froen, op wat fir eng Disposition légale e sech baséiert, op wat e sech baséiert, fir esou eng Fuerderung ze stellen, an et kritt een da keng Äntwert, dann

ass dat net déi Aart a Weis (veuillez lire: déi richtig Aart a Weis), wann ee gären hätt, dass d'Gemen-gen an e Boot kommen, fir am Kader vun der Exekutioun vun de PAPen a vun de PAGe mat lech zesummenzeschaffen.

Well ech soen lech, wat d'Angscht ass: D'Angscht ass, dass mer amgaange sinn, hei eng zweet Flie-dermaus-Diskussioun ze kréien, wou ee vun ier-gendenger Säit en dehors vun all Kritär op eemol gesot kritt: „Elo sidd Der gebieden, dat doten an dat doten ze maachen!“, ouni Base légale - ouni Base légale! -, ouni dass een engem ka soen: „Den Artikel esou an esou vum Gesetz esou an esou, deen ass dat“, ouni dass et kloer ass, wéi de Finanzement vun där ganzer Geschicht ass a wéi d'Dé-laie sinn!

An et ass dat, wat ech lech, Här Statssekretär, eigentlech gäre mat op de Wee wëilt ginn. Eng Konventioun ratifizéieren ass dat eent. Kloer Kritäre schafen, no welche verschidde Saache geschéien, ass eppes anescht! An ech erënnere mech un déi Diskussioun, déi mer virun engem Joer hei haten iwwert d'Aart a Weis, wéi am Kader vun de PAGen Haiser op eemol op eng Lëscht kommen oder net op eng Lëscht kommen, wou Der gesot hutt, och duerno géift Der kucken.

Ech sinn en iwwerzeegte Verfechter vun deene Saachen. D'Geschicht ass eppes extrem Wichtige. An d'Geschicht muss erhale bleiwen a si muss och dokumentéiert ginn. Mä si muss erhale ginn, si muss dokumentéiert ginn a si muss sauvegar-déiert ginn - wéi och ëmmer Der et wëll nennen - no Kritären, déi fir jiddwereen novollzéibar sinn, déi transparent sinn an déi sech och fir jiddwereen dee Moment applizéieren! An et ass dat, menger Meinung no, déi Hausaufgab, déi nach muss gemaach ginn.

Fir et kloerzestellen: Et ass a mengen Aen net lo-gesch, dass een e Bréif kritt aus engem Ministère, wou ee seet: „Elo sidd Der gebieden, eng Fouille ze maachen an Dir sidd gebieden, déi ze bezuelen.“ Ech fannen dat net logesch! Wann aner Buergermeeschteren der Meinung sinn, dass dat logesch ass, da soen ech lech: Ech fannen dat net logesch! Ech sinn der Meinung, dass, wann Dir als Stat gären hätt, dass dat dote geschitt - et ass eng staatlech Kompetenz -, da muss de Stat och derfir suergen, dass et geschitt, an de Stat muss och de Finanzement vun deem Ganzen droen! Merci.

► **Une voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Här Statssekretär, wann ech gelift.

► **M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture.-** Här President, ganz kuerz: Ech huelen d'Hausaufgab mat a mir wäerte sécherlech op lech zrëckkommen. An ech kucken awer déi Saach vun deem Bréif do no, well dat ass net normal, dass Der keng Äntwert kritt hutt.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci. Domat si mer um Enn vun eisen Diskussiounen zum Projet de loi ukomm a mir kënnen iwwert de Projet 6993 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6993 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60 Participatiounen um Vott, 60-mol Jo. Domat ass de Projet unanime ugeholl.

Ont voté oui: *Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Martine Mergen), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber domat d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Sommaire des séances publiques n^{os} 4 et 5

4^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 47
Communications	p. 47-48
Ordre du jour	p. 48
Dépôt d'une résolution et d'une proposition de loi par M. David Wagner	p. 48
Dépôt d'une résolution par Mme Martine Hansen	p. 48
Heure de questions au Gouvernement	

- Question n°225 du 14 novembre 2016 de M. André Bauler relative à l'élargissement de la B7 entre Colmar-Berg et Erpeldange/Sûre, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 48

- Question n°226 du 15 novembre 2016 de M. Gilles Roth relative à la fugue d'un prisonnier lors d'une visite médicale au CHL, adressée à M. le Ministre de la Justice p. 48-49

- Question n°227 du 15 novembre 2016 de M. Gérard Anzia relative à la présentation d'une nouvelle stratégie économique plus durable pour notre pays, adressée à M. le Ministre de l'Économie p. 49

- Question n°228 du 15 novembre 2016 de M. Laurent Zeimet relative à la circulaire n°3407 - Refonte du plan d'aménagement général - évaluation environnementale dite «SUP», adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 49-50

- Question n°229 du 15 novembre 2016 de M. Max Hahn relative à la promotion du car-pooling, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 50

- Question n°230 du 15 novembre 2016 de Mme Martine Hansen relative à la fermeture, aux heures de pointe, d'une voie du tunnel «Stafelter» en direction de Luxembourg-ville, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 50

- Question n°231 du 15 novembre 2016 de Mme Taina Bofferding relative à l'encadrement légal des stages en entreprise, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire p. 50-51

Désignation de deux membres du comité d'évaluation institué par la loi du 23 juillet 2016 portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État p. 51

6968 - Projet de loi relatif à certaines règles régissant les actions en dommages et intérêts pour les violations du droit de la concurrence et modifiant la loi modifiée du 23 octobre 2011 relative à la concurrence p. 51-53

7001 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental p. 53-54

5^e séance

Ouverture de la séance publique	p. 54
Ordre du jour	p. 54
Dépôt d'une résolution par M. Marc Angel	p. 54-55
Dépôt d'une résolution par M. Laurent Mosar	p. 55
Dépôt d'une motion par M. Kartheiser	p. 55
Ordre du jour (suite)	p. 55

Question élargie n°20 de M. Fernand Kartheiser au sujet des relations avec la Turquie et sur d'éventuelles sanctions,

Résolution de M. Marc Angel relative à un appel aux autorités de la République de Turquie à rejoindre la voie de la démocratie, à relancer un processus de paix crédible et un dialogue de bonne foi avec les régions à majorité kurde et à s'opposer à la réintroduction de la peine de mort,

Résolution de M. Laurent Mosar relative à un gel des négociations d'adhésion à l'UE avec la République de Turquie, à la continuation du dialogue géopolitique et de coopération sur le plan de la politique étrangère et de défense, à l'approfondissement des relations commerciales, à la modernisation de l'union douanière et à la poursuite de la coopération au niveau de la politique migratoire

et

Motion de M. Fernand Kartheiser relative au respect des valeurs européennes, des droits de l'homme, de la protection des minorités, de la liberté de presse, de la liberté de l'opposition politique, de la sécurité et de l'intégrité territoriale de la Grèce, de l'intégrité territoriale de la Chypre et à la reconnaissance du génocide arménien p. 55-61

6881 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République des Philippines, signée à Luxembourg le 15 mai 2015 p. 61-62

6979 - Projet de loi portant modification

I. de la loi du 19 décembre 2014 relative 1. aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle 2. à la promotion de la création artistique, et

II. du Code du travail p. 62-63

6993 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne pour la protection du patrimoine archéologique ouverte à signature le 16 janvier 1992 à La Valette p. 63-67

An dann hu mer d'Motioun, déi vun der CSV abruecht ginn ass. Sinn dozou nach Wuertmel-dungen? Den Här Berger.

Motion 1

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här Pre-sident. De Statssekretär huet eigentlech och scho gesot, wéi d'Regierung zu där Motioun steet. Och fir eis wier se eigentlech am Prinzip superfétatoire, dat heescht iwwerflësseg, well ech mengen, mir ginn natierlech dovunner aus, datt d'Regierung sech wäert déi Moyene ginn, fir datt hei d'Ëmsetzung vun där Konven-tioun net eng eidel Hüls bleift. An ech sinn och iwwerzeegt, datt d'Regierung Suerg wäert droen, datt d'Prozeduren net méi komplizéiert ginn. Ech mengen, dat ass d'Suerg vun eis alle-guerten. Mä ech mengen, mir kënnen awer och déi Motioun hei matstëmmen. Dat ass kee Problem.

Merci.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Ech gesinn, dass hei eng wäitgeeënd Zoustëm-mung ass. Sidd Der domat d'accord, dass mer per Hand ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wien ass derfir?

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

► **Plusieurs voix.-** Aah!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Hu mer Enthaltung?

Mir hunn also eng Géigestëmm vum Här Alexander Krieps. Domat ass d'Motioun uge-holl.

Mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Kolleeginnen a Kolleegen, net vergiessen: Muer ass Rendez-vous um hallwer zwou! Merci ge-sot. E schéinen Owend nach an d'Sëtzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.41 heures)